



Ligue HMC a.s.b.l.

Mir begleeden an ënnerstëtze Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung an de Beräicher
Formatioun, Aarbecht, Dagesbetreung, Wunnen a Fräizäit.

Mir siche fir eise Formatiouns-Service "Life ACADEMY"

en-g pedagogesch-e Mataarbechter-in (m/w/d)

CCT SAS, carrière C6-C7

(Réf.: LA 09/26)

CDI 32-40 Stonnen/Woch

Är Missioun:

- Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung ënnerstëtzen op hirem Wee zur Selbstbestëmmung a Selbstverriedung
- Si beroden a begleeden am Respekt vun hirer Perséinlechkeet, hiren individuelle Ressourcen a mam Zil vu sozialer, kultureller an digitaler Inklusioun
- Aktivitéiten selbstänneg plangen, duerchféieren an reflektéieren
- Inklusiv Formatiounen organiséieren an halen, och am Beräich vun der Digitalisatioun
- Weiderentwécklung vu bestoenden an zukünftege Projeten an direkter Zesummenaarbecht mat Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung

Äre Profil:

- Teamfäegkeet a Fäegkeet fir selbstänneg ze schaffen a sech ze organiséieren
- Begeeschtert sinn sech mat a fir Leit mat enger Beanträchtegung anzesetzen, si eescht huelen a partnerschaftlech mat hinnen zesummen schaffen
- Sech gutt an einfach ausdrécke kënnen - Kenntnisser a lichter Sprooch si vu Virdeel
- Oppen a kontaktfreedeg sinn a Loscht hunn, nei an innovativ Weeër ze goen
- Energie, Dynamik a Gedold matbréngen, gutt nolauschteren
- Lëtzebueresch, Däitsch a Franséisch schwätzen
- Gutt redaktionell Kompetenzen hunn
- Gutt informatesch an digital Kompetenzen hunn
- Führerschäin Klass B hunn

Am Fall vun enger Astellung gëtt en Extrait aus dem Casier judiciaire gefrot.

Fir weider Informatiounen, mellst Iech um 621 454 067.

Eng éischt Auswiel gëtt op Basis vum Dossier gemaach.

D'Kandidature (Motivatiounsbréif, Curriculum Vitae, Diplomer) kënnen geschéckt ginn un:

Ligue HMC a.s.b.l.
Direction
B.P. 49
L-8301 Capellen
oder per Mail un rh@ligue-hmc.lu
www.ligue-hmc.lu